# Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

## News

## [31.08.2018 Haut virun 76 Joer hunn d'Lëtzebuerger sech an engem kollektiven Resistenzakt géint d'Nazien gewiert]

30 **Aug** *2018*

(comments: 0)

Den 31. August 1942 koum et zu Lëtzebuerg zu engem Generalstreik vum ganze Vollek.

De Grond war d'Ukënnegung vum däitschen Nazibesatzer fir d'Zwangsrekrutéierung fir d'Lëtzebuerger an déi däitsch Wehrmacht anzeféieren.

Viséiert waren all d'Jongen zwëscht 18 an 22 Joer, also d'Joergäng 1920 bis 1924. (spéider och nach bis 1927).

D'Resistenz vun engem klenge Vollek géint den iwwermächtege Besatzer huet an der ganzer Welt Bewonnerung ervirgeruff.

D'Nazien ware blaméiert an si hunn mat aller Gewalt zereckgeschloen: 21 Lëtzebuerger goufen direkt erschoss, vill koumen a Konzentratiounslager.

Duerch de Generalstreik hunn d'"Preisen" sech net méi getraut fir och nach déi aner Joergäng anzeruffen. (Zum Verglach: Am Elsass sinn d'Joergäng vun 1907 bis 1927 ageruff ginn)

An der "Märtyrerstadt" Wolz, wou de Streik ugefaangen hat, erënnert nach haut dëst Monument un de Streik vun 1942.

Duerch d'Zwangsrekrutéierung sinn 2.848 Lëtzebuerger gestuerwen.

Am Ganzen kruten 4.400 Lëtzebuerger den Titel "mort pour la patrie". Ënnert hinnen eben déi 2.848 verstuerwen Zwangsrekrutéiert, dann nach ronn 600 Persounen, déi duerch Krichshandlungen gestuerwen sinn an ronn 800, déi an de Lager oder Prisongen gestuerwen sinn.

[Read more … 31.08.2018 Haut virun 76 Joer hunn d'Lëtzebuerger sech an engem kollektiven Resistenzakt géint d'Nazien gewiert]

## [28.8.2018 FRED KEUP vs. YVES CRUCHTEN 1-0]

28 **Aug** *2018*

(comments: 0)




De Fred Keup schwätzt Kloertext!

https://www.100komma7.lu/audio/87129
Lauschtert d'Sträitgespréich!
FRED KEUP vs. YVES CRUCHTEN

an sot eis är Meenung!

Am Oktober 2018 gi mir mat an d'Chamberwahlen fir eis fir eis Ziler anzesetzen. Mir sinn mat 6 Kandidaten vum Wee2050 op der Lëscht 7 vun der ADR!

Read more … 28.8.2018 FRED KEUP vs. YVES CRUCHTEN 1-0

## 26.8.2018 Lëtzebuergsch héich halen! Och op de Schëlter!

28 **Aug** *2018*

(comments: 0)




Kommt loosst Iech mam Schëld fotograféieren

Mir waren zu Munneref op der Braderie.

[Read more … 26.8.2018 Lëtzebuergsch héich halen! Och op de Schëlter!]

## 14.08.2018 An genee 2 Méint si Wahlen.

15 **Aug** *2018*

(comments: 0)



Är Stëmm fir eis Sprooch an fir e moderate Wuesstem.

An genee 2 Méint si Wahlen.

Des Wahlen sinn entscheedend fir eis Zukunft.

De Wee2050 huet dowéinst eng Kooperatioun mat der ADR gemaach.

Wann mir eis zesummen asetzen, wéi schonn am Referendum, dann kréien mir déi Zukunft déi mir wëllen an net déi, déi anerer eis opzwéngen wëllen!

Wee2050 - mir sinn déi politesch Mëtt

Op der Foto: Mam Gast Giberyen, Tom Weidig, Jean Schoos, Fred Keup

Read more … 14.08.2018 An genee 2 Méint si Wahlen.

# 11.08.2018 Huet de Finanzminister eis an dem Parlament manipuléiert Budgetszuelen virgeluecht?

12 **Aug** *2018*

(comments: 0)

"Et gëtt an der Lescht probéiert, d'Staatsfinanzen anescht duerzestellen, wéi se a Wierklechkeet sinn - speziell vum Finanzminister Pierre Gramegna."

Dat sot de Gast Gibéryen gëschter op enger Pressekonferenz.
Et ass inakzeptabel, datt eng Regierung d'Populatioun mat manipuléierten Zuele gleewe léisst, et wär alles am Botter.

- 1,3 Milliarden Euro, déi geléint sinn, ginn als Haushaltsiwwerschoss duergestallt

- An den leschte 4 Joer waren an der Halschent vum Joer 49 % vun den Ausgaben, déi am Staatsbudget virgesi sinn, ofgebucht, dëst Joer sinn et no engem halwen Joer awer just 40,9 %. Firwat just 40,9 % wann schonn 50% vum Joer eriwwer sinn?

Artikelen aus de Medien dozou:
http://www.rtl.lu/letzebuerg/1221672.html
https://www.wort.lu/de/politik/zahlensalat-5b6c733e182b657ad3b9132a
https://moien.lu/de-nol-op-de-kapp/

Read more … 11.08.2018 Huet de Finanzminister eis an dem Parlament manipuléiert Budgetszuelen virgeluecht?